




Nodeems am Februar eis Saison zu Sommedieue ugefaangen hat stoung elo den 11. Mäerz eist Fréndschaftsféschen um Programm dat mir all Joers an Erënnerung un eisen vill ze fréi verstuerwenen Féscherfrënn, den Patrick Riehl, um Weier zu Lamadelaine ausdroen. Ewéi mir eis Moies um 9 Auer getraff hunn fir Auslousung vun den Plazen, huet den Yannik eis iwwerrascht mat enger schlechter Nouvelle waren dach d´Fësch net am groussen Weier mee am kléngen Weier ausgesat ginn. Total perplex hunn mir dunn mol diskutéiert ewéi mir trotzdeem kéinten eis Coupe ausféschen mam Resultat dass all Manche nëmmen een Féscher pro Equipe sollt féschen an dann géif gewiesselt ginn. Esou haten mir nëmmen 6 Stänn ze setzen an hunn d´Féscher Alleguerten um kléngen Weier placéiert kritt.











Pënktlech um zéng Auer hunn eis Fëscher ënnert der strenger Opsiicht vun der Jury, de Fränz an de Luss, lass geluecht. Et huet ee bëssen gedauert mee dunn lues a lues sinn Fësch gefaangen ginn an wat soll ech soen nawell net ze knapps esou dass deen neien Modus ënnert deem mir gefëscht hunn sech net negativ mee éischter positiv ausgewierkt huet ewell all bedeelegt Fëscher konnten Fësch fänken an dernieft awer vill Zäit bliwwen ass fir ze stëppelen, et huet jo all Kéiers nëmmen een Fëscher pro Équipe gefëscht. Et war och direkt mat enger décker Iwweraschung lass gaangen konnt den Sedat dach een schéinen Hiecht fänken oder loossen mir soen den Hiecht hat éischter den Sedat gefaangen, et sief schéin war den Hiecht trotzdeem.


















An wat gehéiert bei esou engem Fréndschaftsfëschen dach onbedéngt dozou ...... woubäi mir beim Iessen wären. Traditioneller Weis huet och dës Kéier eis Choucroute net dierfen feelen, verbannen mir dach ëmmer eis Erënnerungen mat ...... den Jambonneau zu la Strange ..... eis Grilladen Owes um Lac de la Moselotte an zu Freux oder eben eis Choucroute bei der Coupe Patrick Riehl, wat besoen wëll dass et bei eis ëm Gesellegkeet an Komerodschaft geet wat mir och ëmmer erëm wëllen ernimmen zemools wou dat an der heiteger Zäit guer net méi normal ass. Ewéi ëmmer huet eis Choucroute och dës Kéier jidderengem geschmaacht an den Yannik hat och net ze knapps

opgedëscht. Ernimmen mussen mir awer och dass den Patrick eis ewéi ëmmer wann mir Hien feieren dat schéinsten Fréijoers Wieder geschéckt huet zemools wou et den Dag virdrun nach gereent an gestiermt hat, do hat Hien wuel een eescht Wuert mam Péitruss geschwat. Mëttes nom Iessen sinn och nach zwou Manchen geféscht ginn an och dunn sinn verhältnesméisseg vill Fësch gefaangen ginn am Verglach mat den Joren virdrun.












Ofschléissend hei dann nach d´Resultater mat der Erkenntness dass och dëst Joer eist Frëndschaftsfëschen vill Spaass gemaach huet an deen neien Ausdroungs Modus sech absolut net negativ ausgewierkt huet esou dass mir elo ze guer mam Gedanken spillen fir et an déier Form bäi ze behalen an och beim nächsten Frënschaftsfëschen Näischt dorunner änneren.

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. Plaz | Jung Änder – Asani Sedat | 1246 Punkten | 21 Fësch |
| 2. Plaz | Bartholmé Joé – Muno Dan | 1113 Punkten | 21 Fësch |
| 3. Plaz | Bartholmé Patrick – Meis Fränz | 901 Punkten | 17 Fësch |
| 4. Plaz | Cardellini Tun – Bertrand Patrick | 793 Punkten | 15 Fësch |
| 5. Plaz | Schaal Alain – Nicolas Jemp | 417 Punkten | 8 Fësch |
| 6. Plaz | Cardellini Alessio – Hoffmann Jemp | 404 Punkten | 8 Fësch |







